

Säit dräi Joer get et nieft der 'Journée de Commémoration nationale', di all Joer am Oktober gefeiert get, am Februar eng 'Journée nationale de la Résistance'. Ob dat wierklech néideg as, doriwwer däerf ee streiden. Dass e Journalist vu Radio RTL di zwou Feiere nët ausereneen hält, kann ee nach verstoen. Dass d'Journaliste vun Télé-RTL jhust e puer belanglos Biller weisen, wi e Kranz beim Hinzertter Kräiz néier geluecht get, well di Zeremoni all Joers e bëssche méi langweilt, ass awer e gräffe journalistesche Feeler, well grad dëst Joer war ët anescht! Di Escher Theatergrupp Namasté, di ëmmerhin vru kuerzem den Oppenheimer-Präis kritt huet fir hiert Engagement géint Rassismus a Friemenhaass, huet nämlech an enger soberer Inszenéierung e puer egräifend Texter virgedroen. Doriwwer huet RTL-Télé awer kee Pippcheswuert (a -bild) verluer! Jhust aus Lideregkeet? oder waren et Biller vun zejoert?

*

An engem Artikel an dëser Nummer iergert sech de Guy Thewes, dass leider a populäre Geschichtsbücher, och Schoulbücher fir de Primär, nach ëmmer de Begrëff vun der 'Friemherrschaft' fir d'Lëtzebuurger Geschicht vum 16. bis d'18. Jorhonnert gebraucht gett, obschon d'Historiker dee Begrëff längst als falsch entlarvt hun. Leider schéngt och di net Ausseministeschnëmme 'Bandes dessinées' oder Primärschoulbücher gelies ze hun, wu se hir Ried zur Lëtzebuurger Aussepolitik (14.3.2000) virbreed huet. Do sot nämlech: "L'époque d'occupation étrangère qui suivit [la naissance de Charles Quint] ne fut pas favorable à la constitution d'une identité propre." Am Saz virdrun huet se gesot, de Karel V. wär viru 500 Joer gebuer gin an hätt bei der Gebuert den Titel Herzog vu Lëtzebuerg kritt: wéi kann een da vun enger 'occupation étrangère' schwetzen, wann en deen Titel rechtméissig gedroen huet? An dass déi Period d'Opkomme vun enger Lëtzebuurger Identitéit verhënnert hätt, hun Historiker wéi de Gilbert Trausch spéistens säit 1989 sech all Méi gin als Iertum nozweisen, well e Lëtzebuurger Partikularismus duerchaus scho Jorhonnerte virun 1839 z'erkennen as. Ët gouf just deemools keng nationalistesch Ideologë. Vlächet fact et och just un engem Historiker ënnert der Ministesch hire Ghostwriter.

*

Allkéiers wann den Här Professor Robert Mackel aus New York op Lëtzebuerg kënnt, fir eng Sëtzung vum 'Conseil national de l'enseignement supérieur' ze presidéieren, hält en eng Pressekonferenz an d'Proffen an de Lëtzebuurger Héichschoulen fänken un ze zidderen, well se scho wëssen, dass e neess mat Virwurf op se geheit. Déi Kéier sot e, wann de Koschter dem tageblatt vum 24.3.2000 ka gleewen, di Lëtzebuurger Proffe wäeren dergéint, hire Coure vun de Studente bewerten ze loosse, wéi dat op amerikaneschen Unien üblech as. Ofgesin dervun, dass dat och do net iwerall zu positive Resultater féiert, as dee Virwurf einfach falsch, well op d'mannst d'Proffen um Centre Universitaire nach net zu deem Thema Stellung geholl hun. An ët gin der do esouguer, di ouni op den Här Mackel ze waarde, vu sech aus d'Studenten ëm hir positiv a negativ Kritik um Cours bidden. Firwat se dann all an der Öffentlechkeet erof man? Och deen zweete Virwurf vum Professor Mackel, um Centre Universitaire géifen iwwert 50% vun de Studenten duerchfalen, as op d'mannst eng Ierféierung, di just erreeche wëllt, dass manner Studenten do solle studéieren, well di Zuel as guer nët beluegt: Sin dat 50% vun deene Leit, di sech am Hierscht ageschriwwen haten oder 50% vun deenen, di um Enn vum Joer fir en Examen ugetruede sin? A wee kennt nët di franséisch an däitsch Unien, wou am éischte Joer 70% erausgesifft gin, well fir si souwisou keng Plaz an den Hörsäll fir d'zweet Joer as. (An deenen Exame get keng absolut Punkteziel festgeluegt, di ee muss erreechen, mä di 30% bescht gi geholl.) Grad dofir hu jo eng Rëtsch Couren zu Lëtzebuerg esou vill Zoulaf, well do d'Sélectioun nët grad su streng as an een direkt an d'zweet Joer am Ausland ka kommen.

*

Dräi Lëtzebuurger Europa-Deputéiert hu sech bei der Ofstëmmung géint de rengen Schokela blaméiert an de Koschter kann RTL nëmme félicitéieren, dass en hiren Absenteismus zu Stroosbuerg respektiv hir enk Verbindunge mat de Schoklasmultiën an der Gentechnologie alle Lëtzebuurger virun Aë gefouert huet. D'Entschëllegung vun der Colette Flesch, bei den Ofstëmmunge géng et emmer su séier goen, mecht d'Blamage net mi kleng, well da muss ee jo unhuelen, dass si et bei anere Voten och net méi genau hëllt. An engem Communiqué, deen de Koschter zwar leider net zougestallt krut, freet sech Transfair-Minka mat Recht, wat da nach Entwécklungshëllef bedeit, wann Europa op deem Wee ronn 11 Milliounen Afrikaner hir Existenzbasis zerstéiert, just fir dass den agroalimentäre Secteur bei eis nach méi déck Gewënner ka man, well 't get op deem Wee mol keng Aarbechtsplaz bei eis geschaf. De Lëtzebuurger Wieler as elo gewarnt: d'Deputéierte Flesch (DP), Goebbels (LSAP) a Santer (CSV) hätten d'Méiglechkeet gehat, an engem Vote, wou et op dräi Stëmmen ukoum, gentransforméiert Fetter am Schokla ze verhënnere, mä di zwee éischt hu fir esou Fetter gestëmmt an deen drëtten huet léiwer de Sall verlooss. Ween esou Députéierten erëmwilt, as selwer Schold, wann de Schokla him net mi schmaacht. (Am iwwrege louch an dëser Saach och den LW-Korrespondent Gerd Werle (16.3.2000), dee nët nëmme behaupt huet, alle sechs Lëtzebuurger Députéiert hätte géint di Schoklas-Direktiv gestëmmt, mä mol nach nët mat kritt huet, dass de Ben Fayot nët méi am Europaparlament sëtz.)

m.p.